

Gemengebuet 03/2024



Heures d'ouverture Bureau de la population/État civil

Lundi-jeudi : 08:00 - 11:30 & 13:00 - 16:00 / Vendredi : 8:00 - 14:00

Sur rendez-vous*:

Mardi : 16:00 - 18:30 / Vendredi : 07:00 - 08:00

*Demander votre rendez-vous par téléphone (35 01 13-250), par e-mail (population@schuttrange.lu), en ligne (www.schuttrange.lu/prise-de-rendez-vous) ou par code QR.



Collège des bourgmestre et échevins

T. 35 01 13-1

Claude **MARSON**, *bourgmestre*
Serge **EICHER**, *échevin*
Andrew **KISER**, *échevin*

Conseillers communaux

Jean-Marie **ALTMANN**
Nora **FORGIARINI**
Jean-Pierre **KAUFFMANN**
Annemarie **NAGEL**
Jules **SAUBER**
Serge **THEIN**
Paul **THEISEN**
Nicolas **WELSCH**

Accueil

T. 35 01 13-1 / F. 35 01 13-259
Natascha **PARAGE-KIMMEL**

Secrétariat

T. 35 01 13-220 / F. 35 01 13-229
secretariat@schuttrange.lu
Alain **DOHN**, *secrétaire communal*
Annick **GUT**
Joëlle **HUBERTY**
Robert **MANNES**
Ranjit **NEUMAN**

Bureau de la population, État civil

T. 35 01 13-250 / F. 35 01 13-259
population@schuttrange.lu
Vincent **NICLOU**, *chef de service*
Barbara **CASH**
Ronny **LUX**

Recette communale

T. 35 01 13-230 / F. 35 01 13-239
recette@schuttrange.lu
Mireille **REDING**, *receveur communal*

Service financier, Facturation

T. 35 01 13-230 / F. 35 01 13-239
facturation@schuttrange.lu
Florian **ALTMANN**
Laurent **HARTZ**
Cécile **STRONCK**

Relations publiques, Réservations

T. 35 01 13-600
relations.publiques@schuttrange.lu
Vicky **JUNGBLUTH**, *chef de service*
Philippe **LENTZ**
Andy **WEBER**

Service de l'environnement et de l'énergie

T. 35 01 13-260 / F. 35 01 13-249
Daniel **FLIES**

Service Urbanisme

T. 35 01 13-260 / F. 35 01 13-249
Tania **VELEZ**, *chef de service*
Cédric **NÉRÉ**

Service technique

T. 35 01 13-240 / F. 35 01 13-249
servicetechnique@schuttrange.lu
Daniel **PACIOTTI**, *chef de service*
Kelly **SEPULVEDA**, *secrétariat du Service technique*
Rodrigo **CLAUDIO**
Victor **NEUMANN**
Raoul **PETRY**
Michel **SCHOMMER**
Paul **SCHUMMER**
Daniel **GIALLOMBARDO**, *agent municipal*

Atelier technique

T. 35 01 13-262 / F. 34 17 51

Enseignement

T. 35 98 89-320 / F. 35 98 89-398
Joëlle **MAX**, *présidente du Comité d'école*
Steve **BACK**, *service scolaire*

Service Concierges

T. 35 98 89-340 / F. 35 98 89-359
Oliver **PLEYER**, *chef de service concierges*

Maison Relais, Crèche

T. 35 98 89-371 / F. 35 98 89-379
GSM 621 154 707

Schëtter Jugendhaus

T. 26 35 07 90 / F. 26 35 07 91

Recycling Center

T. 34 72 80 / F. 34 72 81

Centre forestier

Pit **LACOUR**, *préposé-forestier*
T. 247 - 56694 / 56688
GSM 621 202 102

Office Social Ieweschte Syrdall

T. 27 69 29-1

Service de médiation de voisinage

GSM 621 673 648
mediation@schuttrange.lu

Syrdall Heem Asbl

Aide et soins à domicile, centre du jour
T. 34 86 72

Police

T. 113

Police - Commissariat Syrdall

T. 244 78 1000

Appel d'urgence

T. 112

Gemengebuet 03/2024

	Gemengerot vum 25.09.24 & 23.10.24 4
	Conseil communal du 25.09.24 & 23.10.24 16
	Local council meeting 25.09.24 & 23.10.24 26
<hr/>	
	Offiziell Informatiounen
	Informations officielles
	Official information 38
<hr/>	
	Klimapakt
	Pacte climat
	Climate pact 58
<hr/>	
	Projete vun der Gemeng
	Projets de la commune
	Projects of the commune 66
<hr/>	
	Aktivitéite vun der Gemeng
	Activités de la commune
	Activities of the commune 72
<hr/>	
	Veräinsliewen
	Vie associative
	Association activities 86
<hr/>	
	Manifestatiounskalenner
	Calendrier des manifestations
	Calendar of events 92



LU

Sëtzung vum Gemengerot 25.09.2024

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jidderee wëllkomm zu der 8. Sëtzung vum Gemengerot am Joer 2024. Zousätzlech informéiert den Här Buergermeeschter, dass de Vote Public vun dëser Sëtzung mam Conseiller Jean-Marie ALTMANN ufänkt.

Den Här Buergermeeschter informéiert duerno iwwer d'Evenementer, déi zënter der leschter Sëtzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- Den 12. Juli huet d'Schoulfest um Campus „An der Dällt“ stattfonnt, wou d'Kanner, hir Elteren an d'Léierpersonal d'Enn vum Schouljoer zesumme gefeiert hunn. De Buergermeeschter wëll der Elterevereenegung fir hir Organisatioun Merci soen;
- De 15. Juli owes huet eng Presentatioun vun de Resultater vun de verschiddegen Ëmfroen am Kader vum PINS, also dem Pacte de cohésion sociale, am Centre culturel stattfonnt. Um Ordre du jour stoungen ënner anerem d'Presentatioun vum Sondage 50+ an d'Analys vun de Resultater vum neie Sondage iwwer d'interkulturellt Zesummeliewen an eiser Gemeng. D'Animatioun an d'Presentatioun vun de verschiddegen Resultater goufen duerch de CEFIS (Centre d'Étude et de Formation Interculturelles et Sociales) souwéi duerch d'Häre Gary Diderich a Paul Estgen (Beroder fir sozial Kohäsion, Pacte communal) assuréiert. Well d'Sprouch net eng Barrière an eiser Zivilgesellschaft soll bilden, goufe simultan Iwwersetzungen op Franséisch, Däitsch an Englesch fir deen Owend organiséiert;
- De 17. Juli huet de Gemengerot an d'Bautekommissioun d'Baustell vun der Kläranlag zu Iwwersiren besicht. Hei gouf de Projet zur Vergréisserung vun der Kläranlag presentéiert;
- Den 19. Juli huet de Club des Jeunes déi zweet Editioun vun hirer Sangria Party organiséiert;
- De Weekend vum 19. bis 21. Juli huet ee Stage vum Fussballclub vu Siegelsbach zu Minsbech stattfonnt;
- Den 21. Juli huet de Cercle Avicole op seng Porte Ouverte mat Grillfest vun 10 Auer un an d'Zuuchtanlag op Iwwersiren invitéiert;
- Den 10. August an de 14. September war nees Schëtter Maart op der Kierchplaz. Bei béiden Editiounen gouf och ee Vide-greniers organiséiert;
- Den 18. August huet de Vélo Club Hironnelle déi 11. Editioun vun der „Randonnée Jéng Majerus“ organiséiert;
- Dee selwechten Dag war och d'Porte Ouverte vum Bauerenhaff Pit Zeimes, wou een och déi nei Installatiounen konnt gesinn;
- De 25. August huet eng Pilz- a Kraiderwanderung am Bësch um Neihaischen stattfonnt, organiséiert vun der LSAP-Sektioun vu Schëtter;
- D'Quetschefest vun der Schëtter Musek huet vum 25. bis den 31. August zu Schëtter beim Musekssall stattfonnt;
- Den 8. September hat d'DP-Sektioun vu Schëtter hir Fête du scampi am Kulturzentrum organiséiert;
- De 15. September hunn d'„Lëtzebuerger Rousefrënn“ hiren Event „La Rose en Fête“ am Rousegaart vum Schlass zu Minsbech organiséiert. Et gouf och eng Rous mam Numm „Rotary Charity rose“ gedeft;
- De 15. September moies huet déi lescht Mass vum Paschtouer Nico Schartz an der Kierch zu Schëtter stattfonnt. D'Gemeng huet dono zu engem Eierewäin an de Schëtter Treff invitéiert;
- De 16. September war d'Rentrée vun de Kanner um Schoulcampus;
- De Schëtter Treff huet seng Dieren den 18. September erëm opgemaach;
- Vum 16. bis den 22. September gouf d'Europäesch Mobilitéitswoch zu Schëtter mat villen Aktivitéiten organiséiert:
 - D'Woch huet Dënschdeg, de 17. September mat der Inauguratioun vun der Rue Jeanne Rouff am neie Lotissement Schënnberg ugefaangen;
 - Oves vum selwechten Dag gouf eng Konferenz iwwer den „Shared public space Schëtter“ organiséiert;
 - Freideg, den 20. September huet d'Inauguratioun vun der „Schlassgewan“ zu Schraasseg an der Presenz vun den Nopere stattfonnt.
- Dënschdeg, de 17. September gouf déi nei Graffiti-Mauer nieft der Skaterpist dem Schëtter Jugendhaus a Presenz vun hirem President iwwerreecht;
- De 24. September huet d'Zeremonie vun de sportleche Meritten owes am Centre culturel a Presenz vun der Sportskommissioun stattfonnt. Am Ganze sinn 107 Athleten, sief et an der Ekipp oder individuell, geëiert ginn.

Duerno informéiert de Buergermeeschter iwwer déi verschiddegen Evenementer, déi nach ustinn:

- Den 28. September invitéiert de Badminton Club op seng Porte Ouverte vu 14 bis 18 Auer an d'Sportshal. Sonndeg, den 29. September wäert och hiren éischten „Grand Tournoi Masters“ an der Sportshal stattfannen;
- Den 29. September invitéiert d'Amicale vun de Pompjeeë vun Minsbech-Schëtter vun 11:30 Auer un op hire Buffet an de Centre culturel;
- De selwechten Dag gëtt och e Stamminee vun 10 bis 12 Auer an der Galerie um Campus organiséiert. Den Event gëtt vun der Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen an Zesummenaarbecht mat der Gemeng organiséiert;
- Samschdeg, de 4. Oktober a Sonndeg, de 5. Oktober gëtt e Cours vum Club Senior, „jidderee kann zeechnen - Cours mam Volker Gliaugir“ an der Galerie um Campus organiséiert;
- De 5. Oktober invitéiert d'Kommissioun fir Ëmwelt vun der Gemeng Schëtter, zesumme mat der Natur- a Vulleschutz Associatioun „Ieweschte Syrdall a.s.b.l.“, op eng Visitt vun der Schlammwiss;
- D'Ekipp vum Cricket Club organiséiert och de Weekend vum 5. bis de 6. Oktober hire groussen Danzspektakel „Gujarati Samaj Luxembourg“ am Centre culturel an der Sportshal;
- D'„Journée nationale de Commémoration“ fënnt dëst Joer Samsdeg, den 12. Oktober statt.
Programm:
 - Um 16:30 Auer gëtt et eng Inauguratioun vun den neie Panneauen vum „Reichsarbeitersdienstlager“ zu Schraasseg;
 - Um 17:15 gëtt eng kleng historesch Sëtzung mat den Häre Marc Trossen a Claude Vandivinit am Sall vum Gemengerot organiséiert;
 - Um 18:30 gëtt et eng Messe solennelle, wéi an de Jore virdrun, zu Éiere vun all den Affer, déi hiert Liewe fir d'Verdeedegung vun eiser Fräiheet ginn hunn;
 - Um 19:15 hält de Buergermeeschter dann nach seng Ried.
- Den 12. Oktober fënnt och den nächste Schëtter Maart statt. Am Kader vun der Oktoberfest-Zäit invitéiert d'Strëpp vun der Schëtter Musek op hiren „Frühschoppen“ mat Blosmusek, Festbéier a Bretzelen. E Vide-greniers ass och erëm geplangt um Maart;
- De 16. Oktober wäert d'Fitness-Coach Gwendy Stiefer-Majerus am Schëtter Treff Übung fir doheem presentéieren;



- Samschdeg, den 19. Oktober fënnt déi grouss akademesch Sëtzung am Kader vun der 50 Joer Feier vum SIAS am Centre culturel souwéi an der Sportshal statt;
- D'Associatioun „Fraen a Mammen“ vu Schëtter bitt erëm d'Méiglechkeet un, Blummekompositiounen fir Allerhellegen ze bestellen, an dat bis den 23. Oktober.

All dës Evenementer kënnen och am Kalenner op der Gemeng Schëtter hirem Internetsite consultéiert ginn.

Doriwwer eraus gëtt den Här Buergermeeschter nach folgend Informatiounen:

- Vum 15. September u wäerten d'Publikatiounen vun der Gemeng net méi systematesch a Pabeierform an d'Bréifkëschte verdeelt ginn. Den neie System schéngt bis elo awer gutt ukomm ze sinn, well vill Stéit schonn den Newsletter abonnéiert oder d'Push-Notifikatiounen an der Schëtter App aktivéiert hunn. An de kommende Woche wäerten nach e puer Rappeller verschéckt ginn, fir dass d'Stéit sech op eng vun deenen zwou Optiounen abonnéieren. D'Stéit, déi d'Veréffentlechunge weiderhin a Pabeierform wëlle kréien, si gebieden, d'Etikett, déi fir dësen Zweck virgesinn ass, op hir Bréifkëscht ze pechen;
- De „GoGo Velo“ ass déi nei national Vëloscampagne, déi „Mam Vëlo op d'Schaff“ an den „Tour du Duerf“ ersetzt. De Prinzip bleift dee selwechten: fuert Vëlo a gewannt super Präisser. Alles geschitt iwwer d'Applikatioun „Radbonus II“. Den Optakt ass fir den 20. September geplangt an all Kilometer, deen an der Fräizäit oder am Sport gefuer gëtt, wäert fir de Präis-Compteur zielen;
- Vum 19. September bis de 14. November ginn erëm Éischt-Hëllefscoursen an der Galerie um Campus ugebueden. Et handelt sech ëm 16 Stonnen, déi op 8 Sëtzunge verdeelt sinn. D'Coursen op Franséisch fänken am Februar un, och am selwechte Sall;
- D'Woch vum 1. Oktober markéiert traditionell de Start vun de verschiddene Coursen, déi vun der Gemeng organiséiert ginn. D'Coursen am Lëtzebuergeschen an d'Sportscoursé si bis den 11. Oktober fir d'Inscriptiounen verfügbar, dëst an der Limitéit vun de fräie Plazen. Déi dräi Yoga-Coursé si schonn ausgebucht, mee et ass nach méiglech, sech op eng Waardelëscht anzeschreiwen, falls Plazen am Laf vum Joer fräi ginn;
- Vum 16. bis de 27. September fënnt an der Gemeng eng digital Verkéierszielung statt. Dës Moosnam ass Deel vum Wëllen, fir d'Verkéiersproblematik unzegoen a wäert mat Hëllef vu Kameraen op den Zoufaartsstroossen an d'Gemeng realiséiert ginn. D'Zielung wäert den aktuelle Stand registréieren a wichteg Donnéeë liwweren, déi der Dokumentatioun vun der Entwécklung vum Verkéier dëngen. D'Etüd kann eventuell den Impakt vum Héihenaff op den Trafick an der Gemeng weisen an hëllefen, d'Situatioun besser ze verstoen an entsprechend ze reagéieren;
- De 14. Oktober fänken d'Aarbechte vum Montage vun der Photovoltaik-Installatioun um Schoulcampus un;
- Eise Responsabel fir nohalteg Entwécklung, Daniel Flies, huet haut de Nomëtteg eng kuerz Presentatioun iwwer eis Nohaltegekeetsstrategie während enger Konferenz viru ronn 350 Persounen ofgehalen. Dësen Dag, ënnert dem Numm „Innovation in the Built Environment. From Luxembourg to Europe“, gouf vum LIST (Luxembourg Institute of Science and Technology), souwéi vun den Agencen LUXINNOVATION an NEOBUILD organiséiert.

Duerno gëtt de Schäfte Serge EICHER Informatiounen iwwer:

- déi lescht Comitëssëtzung vum SIDOR, wou zwee nei Poste gestëmmt goufen.

De Schäfte Andy KISER informéiert iwwer:

- den aktuelle Stand am Dossier Syrdallheem: De Schäfte ernënnert drun, dass an Ofsprooch mam Réviseur d'entreprise d'Asbl fir d'Joren 2018 bis 2022 Provisiounen ugeluecht hat, well eng Fuerderung vu bal 4,8 Milliounen Euro vun der CNS am Raum steet, dëst wéinst dem Netanhale vun de Qualifikatiounsnormen no enger Reform vun der Assurance dépendance. Bedéngt duerch déi schwierig Situatioun hat de Comité de gérance vun der Asbl Syrdallheem verschidden Entrevuë mat der Croix-Rouge, fir iwwer eng méiglech Fusioun oder Reprise ze schwätzen. Op Basis vun dësen Diskussiounen hat d'Croix-Rouge dem Verwaltungsrot vun der Asbl eng Reprise proposéiert. D'Croix-Rouge wär deemno bereet, ab dem 1. Januar 2025 d'Gesamtaktivitéiten an d'Personal vun der Asbl z'iwwerhuelen a garantéiert d'Kontinuitéit vun der Betreiwung vun de Clienten am Syrdallheem. Well de gudde Ruff vum Syrdallheem an dem Help-Netzwerk bekannt ass, verséichert d'Croix-Rouge och, dass d'Aktivitéiten a Servicer weiderhin ënnert dem Numm „Syrdallheem“ ugebuede ginn. Am Géigenzuch fuerdert d'Croix-Rouge, dass d'Asbl Syrdallheem d'Verantwortung fir seng Scholden iwwerhëlt, dëst bis den 31. Dezember 2024 inclus. Doropshin huet d'Croix-Rouge eng Konventioun fir d'Reprise vum Syrdallheem geschéckt, déi bei der leschter Sëtzung vum Verwaltungsrot de 25. Juli eestëmme guttgeheescht gouf;
- Am Laf vum Mount August gouf d'Gemeng Schëtter informéiert, dass no Gespréicher mat der CNS e wesentlech méi nidderege Betrag (330.770 Euro) am Verglach zu deem ursprénglech berechnete Betrag vun 973.000 Euro fir d'Joer 2021 zrëckgefuerdert gëtt. Zu dësem Zäitpunkt mussen nach Plausibilitätsberechnunge fir d'Joren 2022 bis 2024 gemaach ginn. Verhandlung mat der CNS doriwwer si fir déi nächst Méint geplangt;
- d'Installatioun vu sechs zousätzleche Container um Schoulcampus, déi geduecht sinn, fir e kuerzfristege Mangel u Plaz ze léisen. Dës Moosnam erlaabt et, zwee vollstänneg Klassenzëmmer am Gebai 10 zrëckzekréien, déi virdu jeeweils an zwee Deeler getrennt waren;
- de Label „Gemeng ouni Tubak“, deen de Schäfte rot zesumme mat der Fondatioun Cancer wëll ënnerschiiden, als Deel vun der Strategie, fir d'Zil „Generatioun ouni Tubak“ bis 2040 z'erreechen. Dëst Zil, an Zesummenaarbecht mat verschiddene Partner, géif et erlaben, dass d'Kanner an d'Jugendlech vun haut déi éischt Generatioun ginn, déi ouni Tubak grouss gëtt. Konkret geet et ëm 6 Krittären, déi et der Populatioun erlaben, net méi den Zigaretten oder dem Zigarettdamp ausgesat ze sinn, a gläichzäitig d'Zuel vun de Fëmmerten op ënner 5 Prozent ze reduzéieren. An dësem Kader kann d'Gemeng 3 verschidde Labelen erreechen, nämlech „Bronze“, „Sëlwer“ a „Gold“. An enger éischter Phas wäert d'Gemeng Schëtter sech fir de Label „Bronze“ entscheeden. Dëse Label schreift ënner anerem een État des lieux vir, fir ëffentlech Plazen ze détectéieren, wou d'Ofmontéierung vun Äschebecher néideg ass respektiv d'Installéierung vu Fëmmverbuetschëlde, fir d'Populatioun iwwer d'Gefore vum Tubak ze sensibiliséieren. De Schäfte füügt derbäi, dass dësen État des lieux fir den 23. Oktober geplangt ass, wou d'Responsabel vun der Fondatioun Cancer de Projet och am Gemengerot virstellen.



De Conseiller Nicolas WELSCH rensignéiert iwwer:

- déi lescht Comitëssëtzung vum Syndicat intercommunal de gestion informatique (SIGI). Hie gëtt eng kuerz Presentatioun iwwer d'Haaptziler an d'Missioun vum interkommunale Syndikat. Den Här Conseiller deelt mat, dass no interne Problemer beim SIGI eng grëndlech Reorganisatioun stattfonnt huet. Doraus ergëtt sech eng nei Approche fir d'Verwaltung op där enger Säit an déi technologesch Erneuerung op där anerer Säit. De Syndikat huet och d'Zil, d'Käschten, déi eng wichteg Belaaschtung fir d'Gemengen duerstellen, ze reduzéieren. Weiderhi gëtt geplangt, d'Entwécklungskäschten ze senken an Synergie mam CTIE ze schafen. Zum Ofschluss informéiert den Här Conseiller iwwer de Projet vun engem neie Gebai fir de Syndikat. Zu dësem Zweck gouf en Aarbechtsgrupp gegrënnt, fir d'Planung vun enger Konstruktioun op dem fréiere Site, deen dem Syndikat gehéiert, ze suivéieren;
- déi lescht Comitëssëtzung vum Syndikat SIDERE, deen zoustänneg ass fir d'Gestioun an d'Verdeelung vum Dréckwaasser vun der SEBES am Oste vum Land. Den Här Conseiller huet e puer Zuelen aus dem Joer 2023 virgestallt an huet präziséiert, dass d'„Capacité réservée“ fir d'Gemeng Schëtter net iwwerschratt gouf;
- déi lescht Comitëssëtzung vum Syndikat SIDEST, dee fir d'Ofwaasserverschmutzung am Osten zoustänneg ass. Den Här Conseiller nennt déi staark Augmentatioun vun de Baukäschten als ee vun de gréisste Problemer an der Investitiounsplanung fir nei Kläranlagen. Dobäi kommen d'Reduktioun vun de staatleche Subventiounen, déi héich Elektrizitéitskäschten an den héije Personalopwand fir den Ënnerhalt vun de Kläranlagen. D'Erweiterung vun der Kläranlag zu Iwwersire ass ee vun de gréisste Projekte vum Syndikat de Moment. D'Inbetribnam ass fir Enn 2027 geplangt.

Schlussendlech informéiert de Conseiller Jean-Marie ALTMANN iwwer:

- déi lescht Comitëssëtzung vum CIGR Syrdall, wou d'Poste vum President an dem Sekretär vun der Asbl nei besat goufen, dëst no Demissiounen, déi am Summer annoncéiert goufen. D'Madamm Simone Massard-Stitz, Gemeengeconseiller vu Sandweiler, huet elo de Poste vun der Presidentin iwwerholl. Den Här ALTMANN informéiert weiderhin, dass d'Asbl hire 25. Anniversaire de 4. Oktober 2024 feiere wäert. D'Festivitéite wäerte mam Aarbechtsminister Georges Mischo am Centre culturel vu Sandweiler ofgehale ginn.

1.

Ëmwelt an nohalteger Entwécklung

1.1. Presentatioun an Approbatioun vum Energiekonzept fir d'Entwécklung vun erneierbaren Energien an d'Erhéijung vun der Energieeffizienz

Lëtzebuerg verfollegt ambitiéis Ziler am Kader vun der gemeinsamer europäescher Energiepolitik, déi d'Förderung vun erneierbaren Energien an d'Reduktioun vun de Kuelendioxid-Emissiounen viséiert. Bis 2030 setzt sech d'Land d'Zil, den Undeel vun erneierbaren Energien am finalen Energieverbrauch op 35-37 % ze bréngen. Donieft gëtt geplangt, d'Emissiounen vu Kuelendioxid ëm 55 % ze reduzéieren an d'Energieeffizienz ëm 40 bis 44 % ze verbessern.

D'Gemenge spillen eng zentral Roll bei der Ëmsetzung vun dësen Ziler, well si fäeg sinn, entscheidend Moosnamen ze ergräifen, fir dës ze erreechen. Si sinn ënner anerem verantwortabel fir d'Entwécklung vun erneierbaren Energien, d'Verbesserung vun der Energieeffizienz an öffentleche Gebaier an d'Promotioun vun nohaltege Mobilitéitsléisungen. Duerch lokal Projeten an Initiative kënnen si wesentlech zur nationaler Strategie bäidroen an den Iwwergang zu enger méi klimafreundlecher Economie ënnerstëtzen.

Dofir huet de Schäfferot, duerch eng Decisioun vum 8. Januar 2024 de Planungsbüro Energie Park Réiden s.a. vu Biekerech beoptraagt, e generellt Energiekonzept fir d'Gemeng Schëtter auszuschaffen.

Dëst Energiekonzept viséiert, d'Aktionsprioritéiten ze konkretiséieren an d'Gemeng mat engem Instrument fir d'Energiepolitik an de kommende Joren auszerüsten. Et baséiert op enger detaillierter Analys vun der Energieversuergung an den energieetesche Potenzialen bannent dem Gemengenterritoire. Op Basis vun dëser Analys goufe konkret Ëmsetzungsstrategien an Uwendungsszenarien a verschidde Beräicher ausgeschafft.

No der Presentatioun vum Här Paul Kauten, Administrateur délégué vum Energie Park Réiden, an no weideren Erklärungen vum Schäfferot decidéiert de Gemengerot eestëmme, dat energieetescht Konzept fir d'Entwécklung vun erneierbaren Energien an d'Erhéijung vun der Energieeffizienz ze approvéieren.

2.

Gemegefinanzen

2.1. Presentatioun vun der Aktualiséierung vum Plan Pluriannuel de Financement 2024 - 2029

Am Aklang mam ofgeännerte Gemegegesetz vum 13. Dezember 1988 an no der ministerieller Circulaire Nr. 2024-048 vum 2. Juli 2024, erausgi vum Ministère fir bannenzeg Ugeleeënheeten, ass de Schäfferot all Joer verpflichtet, ee Plan Pluriannuel de Financement (PPF) ze erstellen, dee mindestens dräi finanzpolitesch Joer ëmfaasst.

Dëse Plang stellt eng Previsioun pro Finanzjoer vun de Recetten an den Depensen duer, souwuel am ordinäre wéi och am extraordinäre Kapitel vum Budget.

No den Erklärungen vum Schäfferot hält de Gemengerot d'Aktualiséierung vum Plan Pluriannuel de Financement (PPF) fir d'Periode 2024 bis 2029 zur Kenntnis. De PPF hëlleft, eng global Vue op d'Engagementer a finanziell Moyenen ze kréien.

Dank enger virsiichteger Budgetpolitik an enger verantwortlecher Gestioun vun den öffentleche Gelder geet aus dësem Finanzierungsplang ervir, datt d'Gemeng déi noutwendeg Finanzmëttel huet, fir geplangte gréisser Projeten z'erméiglechen, wéi den „Neien Duerfkär Schëtter“, nei Schoulinfrastrukturen oder de Complexe multifonctionnel, deen de CGDIS an de Recyclingcenter zu Minsbech regroupéiert.



2.2. Approbatioun vun den Titres de recettes vum Exercice 2023

D'Deklaratiounen vun de Recettë mussen duerch de Gemengerot approvüiert ginn, ausser wann dës sech op eng Decisioun baséieren, déi schonn am Gemengerot geholl gouf.

Nodeems d'Erklärunge vum Schännerot gehéiert goufen, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d'Titres de recettes fir de Budgetexercice 2023 z'approvüieren, déi dem administrative Kont bäigeluecht ginn, fir als Beweisdokument bei der definitiver Kontroll duerch déi héich Instanz ze dëngen.

2.3. Approbatioun vum Tableau vun de Modifications budgétaires fir den Exercice 2024

Am Aklang mam Artikel 127 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 kënnen nei oder zousätzlech Kreditter nëmmen duerch de Gemengerot gestëmmt ginn, wann onvirgessinn Ausgaben entstinn, ënner der Geneemegung vum Inneministère.

Déi proposéiert Budgetsmodifikatiounen duerch de Schännerot belafe sech op 113.652,00 € um Niveau vun den Dépenses ordinaires an dëse gëtt Erklärungen dozou.

Nodeems d'Bemierkunge vun de Membere vum Gemengerot gelauschtert goufen, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d'Lëscht vun de Budgetsmodifikatiounen ze approvüieren. Den néidege Kredit ass verfügbar, well de Budget 2023 e Boni vun 2.660.039,38 € opweist. (2.765.039,38 € - 105.000,00 €).

2.4. Approbatioun vun engem Devis fir d'energeetesche Sanéierung vu Gemengegebaier: Weiderbenotzung vun der Wärmepompe vun der Crèche am Gesangsbau

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, den Devis vum 16. September 2024, deen duerch den technesche Service vun der Gemeng ausgeschafft gouf, fir d'energeetesche Sanéierung vu Gemengegebaier z'approvüieren. Dëse beinhalt d'Weiderbenotzung vun der Wärmepompe vun der Crèche am Gesangsbau vu Schëtter, mat engem Gesamtbetrag vun 41.000,00 €.

Dës Investitioun entsprécht den Indicateuren aus dem Klimapakt 2.0-Kontrakt, deen de Gemengerot an der Sëtzung vum 14. Juli 2021 guttgeheescht huet.

2.5. Approbatioun vun engem Devis fir d'Installatioun vu Fotovoltaik-Panelen um Daach vu verschiddene Gebaier (Museksbau, Gesangsbau, Haus Sand)

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, den Devis vum 16. September 2024, deen duerch den technesche Service vun der Gemeng ausgeschafft gouf, fir d'Installatioun vu Fotovoltaik-Panelen um Daach vu verschiddene Gebaier (Museksbau, Gesangsbau, Haus Sand), mat engem Gesamtbetrag vun 130.000,00 €, z'approvüieren.

Dës Investitioun entsprécht den Indicateuren aus dem Klimapakt 2.0-Kontrakt, deen de Gemengerot an der Sëtzung vum 14. Juli 2021 guttgeheescht huet, a steet am Aklang mat de Principes directeurs vum „Leitbild 2030 – Nohalteg Entwécklung“, dat an der Sëtzung vum 22. September 2022 ugeholl gouf.

3.

Politik

3.1. Approbatioun vun der Opdeelung vum zousätzleche politeschem Congé

Den 31. Juli 2024 huet de Ministère fir bannenzeg Ugeleeënheeten eng nei Circulaire verëffentlecht, déi d'Ännerungen a puncto politesche Congé fir lokal Mandatsträger festleet.

Dofir gëtt den zousätzleche politesche Congé vu 15 Stonnen duerch de Gemengerot op seng Membere verdeelt, wat eng Erhéijung vu 6 Stonnen am Verglach zum viregte Regime duerstellt.

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, d'Opdeelung vum Zousaz vu politeschem Congé tëschent de follgende Membere vum Gemengerot festzeleeën, gëlt ab dem 1. Oktober 2024:

NUMM	ZOUSAZ VUM ATTRIBUÉIERTE POLITESCHEM CONGÉ (A STONNEN)
MARSON Claude, Buergermeeschter	2
EICHER Serge, Schäffen	6,5
KISER Andrew, Schäffen	6,5

4.

Urbanismus an Infrastrukturen

4.1. Approbatioun vun enger Konventioun tëschent dem Ministère fir Wunnengsbau an der Gemeng Schëtter a puncto staatleche Subside fir Wunnengsbau zu Iwwersiren, Rue des Jardins

An der Sëtzung vum 26. Abrëll 2023 huet de Gemengerot verschidde wichteg Decisiounen a punctoen Immobilieprojet 14-20, Rue des Jardins zu Iwwersyren geholl. De Projet betrëfft d'Konstruktioun vu véier bezuelbare Wunnengen an ëmfaasst verschidde wichteg Punkten:

- D'Approbatioun vun de Pläng vum Architektbüro „CUBUS“ vu Schraasseg;
- D'Approbatioun vum Devis vum Berodungsbüro „MC Luxembourg“ vu Miersch;
- D'Approbatioun vun engem Montant arrondi vun 3.300.000,00 € TTC fir d'Realiséierung vum Projet.

De Projet soll bezuelbar Wunnengen an der Gemeng Schëtter ubidden, wat der Nofro fir u bezuelbare Wunnraum entgéintkënn, déi kontinuéierlech klëmmt.

Fir vun de gesetzleche Subventiounen ze profitéieren, gouf de 16. Juli 2024 eng Konventioun tëschent dem Schännerot vun der Gemeng Schëtter an dem Wunnengsbauminister Claude Meisch ënnerschriwwen. Dës Konventioun ass eng wesentlech Etapp, fir sécherzestellen, datt de Projet fir staatlech Subventiounen fir bezuelbare Wunnraum berechtigt ass.

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, d'Konventioun a puncto staatleche Subside fir de Wunnengsbauprojet zu Iwwersiren, Rue des Jardins, 14, 16, 18 a 20, ze approvüieren.



4.2. Approbatioun vun enger Konventioun tëschent dem Ministère fir Wunnengsbau an der Gemeng Schëtter a puncto staatleche Subside fir Wunnengsbau zu Iwwersiren, Rue de la Montagne

An de leschte Joren huet de Gemengerot verschidden Decisiounen a puncto Konstruktiv vum zwee Duebelhaiser op der Adress 22 a 24, Rue de la Montagne zu Iwwersiren geholl.

Dëst ëmfaasst d'Approbatioun vun de Pläng an Devise vum 5. Mee 2017 vum Architektbüro Marc Oswald vu Schëtter, d'Unerkennung vun der Konventioun a puncto staatlech Hëllef un de Bauprojekte mat enger Bedeelegung vum Staat vum 900.000,00 € TTC an d'Unerkennung vun engem weideren Devis vum 22. November 2023, deen duerch de Service Technique vun der Gemeng Schëtter opgestallt gouf, vu ronn 545.000,00 € TTC.

Fir vun de gesetzleche Subventiounen ze profitéieren, gouf de 27. August 2024 eng Konventioun tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Schëtter an dem Wunnengsbauminister Claude Meisch ënnerschriwwen. Dës Konventioun ass eng wichteg Etapp, fir sécherzestellen, datt de Projet fir staatlech Subventiounen fir bezuelbare Wunnraum berechtigt ass.

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, d'Konventioun a puncto staatleche Subside fir de Wunnengsbauprojet zu Iwwersiren, Rue de la Montagne, 22 a 24, ze approvieren.

4.3. Approbatioun vun enger Konventioun tëschent dem Ministère fir Wunnengsbau an der Gemeng Schëtter a puncto staatleche Subside fir Wunnengsbau zu Schëtter, Leegrond

An der Sëtzung vum 25. Mee 2016 huet de Gemengerot decidéiert, d'Pläng an d'Devise vum Architektbüro Nunes Lurdes vu Schëtter fir d'Konstruktiv vum zwee Duebelhaiser op der Adress 7A a 7B, Leegrond, am Lotissement Leyenberg-Centre zu Schëtter, am Betrag vum 1.418.605,72 € TTC unzehuelen.

Fir vun de gesetzleche Subventiounen ze profitéieren, gouf de 27. August 2024 eng Konventioun tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Schëtter an dem Wunnengsbauminister Claude Meisch ënnerschriwwen. Dës Konventioun ass eng wichteg Etapp, fir sécherzestellen, datt de Projet fir déi staatlech Subventiounen fir bezuelbare Wunnraum berechtigt ass.

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, d'Konventioun a puncto staatleche Subside fir de Wunnengsbauprojet zu Schëtter, Leegrond, 7A a 7B unzehuelen.

4.4. Approbatioun vun engem Verkafsakt (réf. : 582/2024) am Bezuch op en Terrain zu Minsbech, Rue Principale

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, de Verkafsakt N° 582/2024 vum 8. Juli 2024, dee virum Notaire Patrick Serres zu Réimech ënnerschriwwen gouf, ze approvieren. Dëse bezitt sech op de Verkaf vun engem Terrain zu Minsbech, Sektiov B, Parcelle N° 825/4103, Rue Principale, mat enger Fläch vun 0,55 Ar.

De Verkaf gëtt an engem But d'utilité publique getäteg, an zwar fir den Terrain an de kommunale Stroossereseau z'integréieren.

4.5. Approbatioun vun engem Verkafsakt (réf. : 588/2024) am Bezuch op en Terrain zu Minsbech, Rue Principale

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, de Verkafsakt N° 588/2024 vum 9. Juli 2024, dee virum Notaire Patrick Serres zu Réimech ënnerschriwwen gouf, ze approvieren. Dëse bezitt sech op de Verkaf vun engem Terrain zu Minsbech, Sektiov B, Parcelle N° 825/4508, Rue Principale, mat enger Fläch vun 0,75 Ar.

De Verkaf gëtt an engem But d'utilité publique getäteg, an zwar fir den Terrain an de kommunale Stroossereseau z'integréieren.

4.6. Approbatioun vun engem gratis Cessiounsakt (réf. : 14465) am Bezuch op en Terrain zu Minsbech, Rue Principale

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, de gratis Cessiounsakt N° 14465 vum 22. August 2024, dee virum Notaire Carlo Wersandt zu Bascharage ënnerschriwwen gouf, ze approvieren. Dëse bezitt sech op d'Ofriede vun engem Terrain zu Minsbech, Sektiov B, Parcelle N° 1155/4557, Rue Principale, mat enger Fläch vun 34 Zentiar.

D'Cessioun gëtt an engem But d'utilité publique getäteg, an zwar fir den Terrain an de kommunale Stroossereseau z'integréieren.

4.7. Approbatioun vun engem gratis Cessiounsakt (réf. : 616/2024) am Bezuch op en Terrain zu Minsbech, Rue Jeanne Rouff

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, de gratis Cessiounsakt N° 616 / 2024 vum 19. Juli 2024, dee virum Notaire Patrick Serres zu Réimech ënnerschriwwen gouf, ze approvieren. Dëse bezitt sech op d'Ofriede vun engem Terrain zu Minsbech, Sektiov B, Parcelle N° 1178/4540, Rue Jeanne Rouff, mat enger Fläch vun 0,91 Ar.

D'Cessioun gëtt an engem But d'utilité publique getäteg, an zwar fir den Terrain an de kommunale Stroossereseau z'integréieren.

4.8. Approbatioun vun engem Acte d'échange (réf. : 666/2024) am Bezuch op Terrainen zu Schraasseg, Rue de Luxembourg

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, de Acte d'échange N° 666 / 2024 vum 1. August 2024, dee virum Notaire Patrick Serres zu Réimech ënnerschriwwen gouf, ze approvieren. Dëse beinhalt follgend Punkten:

- D'Madame Gisela Herta Schmidt gëtt der Gemeng en Terrain zu Schraasseg, Sektiov C, Parcelle N° 396/1797, Rue de Luxembourg, mat enger Fläch vun 0,15 Ar;
- Am Géigenzuch gëtt d'Gemeng Schëtter der Madame Gisela Herta Schmidt en Terrain zu Schraasseg, Sektiov C, Parcelle N° 396/1799, Rue de Luxembourg, mat enger Fläch vun 0,02 Ar.

Den Echange gëtt am Kader vum Reamenagement vun der Rue de Luxembourg zu Schraasseg duerchgefouert an domat an engem But d'utilité publique, an zwar fir den Terrain an de kommunale Stroossereseau z'integréieren.

4.9. Entschcheidung iwwer d'Ausübung vum Verkafsrecht am Bezuch op verschidden Terrainen zu Minsbech, rue Jeanne Rouff

Virgeschicht fir d'Punkte 4.9.1. – 4.10.

D'Parteien, also de Verkeefer an de Keefer vun de betreffen Terrainen, goufen am Viraus informéiert, datt d'Parzellen dem Verkafsrecht vun der Gemeng ënnerleien, am Aklang mam Artikel 3 vum ofgeännerte Gesetz vum 22. Oktober 2008 iwwer d'Förderung vum Wunnengsbau an d'Schafung vun engem Pacte Logement mat de Gemengen. Doropshi kéint de Gemengerot dëst Verkafsrecht ausüben.



4.9.1. Sektïoun B vu Minsbech, Kadasternummer 1176/4515

A Konformitéit mat der Propositïoun vum Schäfferot, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, säi Virkafsrecht net auszeüben zum Präis, dee genannt gëtt am Dossier de notification vun der Etude vum Maître Pierre Metzler, Notaire zu Lëtzebuerg, bezunn op de Verkaf vun engem Terrain ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektïoun B vu Minsbech, ënnert der Nummer 1176/4515, mat enger Fläch vu 5 Ar a 30 Centiareen.

4.9.2. Sektïoun B vu Minsbech, Kadasternummer 1176/4517

A Konformitéit mat der Propositïoun vum Schäfferot, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, säi Virkafsrecht net auszeüben zum Präis, dee genannt gëtt am Dossier de notification vun der Etude vum Maître Pierre Metzler, Notaire zu Lëtzebuerg, bezunn op de Verkaf vun engem Terrain ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektïoun B vu Minsbech, ënnert der Nummer 1176/4517, mat enger Fläch vun 3 Ar a 68 Centiareen.

4.9.3. Sektïoun B vu Minsbech, Kadasternummer 1176/4518

A Konformitéit mat der Propositïoun vum Schäfferot, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, säi Virkafsrecht net auszeüben zum Präis, dee genannt gëtt am Dossier de notification vun der Etude vum Maître Pierre Metzler, Notaire zu Lëtzebuerg, bezunn op de Verkaf vun engem Terrain ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektïoun B vu Minsbech, ënnert der Nummer 1176/4518, mat enger Fläch vu 4 Ar a 89 Centiareen.

4.9.4. Sektïoun B vu Minsbech, Kadasternummer 1176/4519

A Konformitéit mat der Propositïoun vum Schäfferot, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, säi Virkafsrecht net auszeüben zum Präis, dee genannt gëtt am Dossier de notification vun der Etude vum Maître Pierre Metzler, Notaire zu Lëtzebuerg, bezunn op de Verkaf vun engem Terrain ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektïoun B vu Minsbech, ënnert der Nummer 1176/4519, mat enger Fläch vun 3 Ar a 39 Centiareen.

4.9.5. Sektïoun B vu Minsbech, Kadasternummer 1176/4520

A Konformitéit mat der Propositïoun vum Schäfferot, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, säi Virkafsrecht net auszeüben zum Präis, dee genannt gëtt am Dossier de notification vun der Etude vum Maître Pierre Metzler, Notaire zu Lëtzebuerg, bezunn op de Verkaf vun engem Terrain ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektïoun B vu Minsbech, ënnert der Nummer 1176/4520, mat enger Fläch vun 3 Ar a 42 Centiareen.

4.9.6. Sektïoun B vu Minsbech, Kadasternummer 1176/4528

Nodeems de Virschlag vum Schäfferot gehéiert gouf, dat Virkafsrecht net auszeüben, decidéiert de Gemengerot mat aacht (8) Stëmmen (DP, LSAP an DEI GRENG) an dräi (3) Enthaltungen (SCHËTTER BIERGER) säi Virkafsrecht net auszeüben zum Präis, dee genannt gëtt am Dossier de notification vun der Etude vum Maître Pierre Metzler, Notaire zu Lëtzebuerg, bezunn op de Verkaf vun engem Terrain ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektïoun B vu Minsbech, ënnert der Nummer 1176/4528, mat enger Fläch vu 4 Ar a 30 Centiareen.

4.10. Entscheedung iwwer d'Ausübung vum Virkafsrecht am Besuch op dräi Terrainen um Neihäuschen, Lieu-dit « Oberst Neuhaeuschen »

A Konformitéit mat der Propositïoun vum Schäfferot, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, säi Virkafsrecht net auszeüben zum Präis, dee genannt gëtt am Dossier de notification vun der Etude vum Maître Pierre Metzler, Notaire zu Lëtzebuerg, bezunn op de Verkaf vun dräi Terrainen ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektïoun B vu Minsbech, ënnert de Nummeren 1483/4247, 1483/4248 an 1483/4251, mat enger totaler Fläch vun 1 Ar a 18 Centiareen.

5.

Sozial Ugeleeënheeten

5.1. Approbatioun vun engem Contrat de mise à disposition vun enger Wunneng zu Minsbech, rue Principale

D'Associatioun „Schëtter Hëllef“ ass e Grupp vu Fräiwëllegeren, déi mat Bléck op déi humanitär Katastroph an der Ukrain gegrennt gouf a sech zum Zil gesat huet, de Flüchtlinge materiell, logistesesch, administrativ awer och humanitär ze hëllefen.

Doropshin decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, de Kontrakt vun der Mise à disposition vun enger Wunneng, deen de 24. Juli 2024 tëscht dem Schäfferot an der Asbl „Schëtter Hëllef“ fir d'Mise à disposition vun enger Wunneng um Rez-de-chaussée vun engem Haus zu L-5366 Minsbech, 162, rue Principale, ënnerschrifwe gouf, ze approvüieren.

D'Associatioun ass domat verpflichtet, all d'Bestëmmungen an Obligatiounen, déi am Contrat de mise à disposition festgehale sinn, ze respektéieren. D'Mise à disposition ass den 1. August 2024 a Kraaft getrueden.

5.2. Approbatioun vun enger Konventioun tëscht dem Mouvement pour l'Égalité des Chances pour Tous – MEC a.s.b.l an der Gemeng Schëtter iwwer d'Installatioun an d'Finanzéierung vun engem Service d'accompagnement scolaire mam Numm „Super Senior“

Mat der Circulaire ministérielle vum 21. Mäerz 2022 huet de Ministère de l'Intérieur de Gemengen d'Presentatioun vum Projet „Super Senior“ vum Mouvement pour l'Égalité des Chances pour tous (MEC a.s.b.l) vermëttelt. De Projet „Super Senior“ ass zur selwechter Zäit eng Initiativ, déi vum Ministère vun der Famill, Integratioun an der Groussregioun esou wéi dem SYVICOL gefërdert gëtt.

D'Ideologie vun dëser intergenerationeller schoulescher Begleedung ass et, Kanner, déi mat Léierschwierigkeiten, Organisatioun oder Selbstvertraue kämpfen, mat Senioren a Kontakt ze bréngen, déi hinne schoulesch a perséinlech Ënnerstëtzung mat hire Kenntnisser a Liewenserfarung ubidden.

No der Consultatioun vum Avis vum 28. Juni 2024 vun der Kommissioun fir Famill, drëtten Alter a sozialen Ugeleeënheeten an nodeems d'Erklärung vum Schäfferot gehéiert goufen, decidéiert de Gemengerot mat sechs (6) Stëmmen (DP an LSAP) a fënnf (5) Enthaltungen (SCHËTTER BIERGER an DEI GRENG) d'Konventioun iwwer d'Installatioun an d'Finanzéierung vun engem schoulesche Begleedungsservice mam Numm „Super Senior“ ze approvüieren, déi den 12. August 2024 tëscht dem Schäfferot an dem Mouvement pour l'Égalité des Chances pour tous (MEC a.s.b.l) ënnerschrifwe gouf.

De Vertrag trëtt den 1. Oktober 2024 a Kraaft.



6.

Consultativ Kommissiounen

6.1. Nominatioun vun engem Member an d'consultativ Kommissioun fir Ëmwelt an nohalteg Entwécklung

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, d'Madame Marilise Wolf-Crowther, als Ersatz fir den Här Nuno Zorrinho, op de fräie Posten an d'consultativ Kommissioun fir Ëmwelt an nohalteg Entwécklung vun der Gemeng Schëtter ze nominéieren.

7.

Schrëftlech Froe vun de Conseillere

Keng.

8.

Froen aus dem Public

Keng.

9.

Huis clos

De Gemengerot procédéiert am Vote secret an decidéiert eestëmmeg follgend Gemengebeamten definitiv ze nominéieren:

- den Här Cédric NERE op de Poste vum Gemengebeamte vun der Catégorie de traitement A, Groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique mat Effet rétroactif op den 1. September 2024.
- den Här Florian ALTMANN op de Poste vum Gemengebeamte vun der Catégorie de traitement A, Groupe de traitement A2, sous-groupe administratif mat Effet rétroactif op den 1. September 2024.

Déi ganz Sëtzung vum Gemengerot Schëtter kann nogekuckt ginn op: <https://www.schuttrange.lu/politique/seances-du-conseil-communal>



LU

Sëtzung vum Gemengerot 23.10.2024

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jidderee wëllkomm zu der 9. Sëtzung vum Gemengerot am Joer 2024. Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt de Conseiller Jules SAUBER, deen dem Här Serge THEIN eng Procuratioun ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Zousätzlech informéiert den Här Buergermeeschter, dass de Vote Public vun dëser Sëtzung mam Conseiller Serge THEIN ufänkt.

Den Här Buergermeeschter informéiert duerno iwwer d'Evenementer, déi zënter der leschter Sëtzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- Den 28. September hat de Badminton Club op seng Porte ouverte vu 14 bis 18 Auer an d'Sportshal invitéiert.
- Sonndes, den 29. September huet och den éischten „Grand Tournoi Masters“ an der selwechter Hal stattfonnt;
- Den 29. September hat d'Amicale vun de Pompjeeë Minsbech-Schëtter op hire Buffet an de Centre culturel invitéiert, dëst vun 11:30 Auer un;
- De selwechten Dag hat och e Stamminee an der Galerie um Schoulcampus stattfonnt. D'Event gouf vun der Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen an Zesummenaarbecht mat der Gemeng organiséiert;
- Samschdes, de 4. Oktober a sonndes, de 5. Oktober gouf e Cours vum Club Senior, „Jidderee kann zeechnen - Cours mam Volker G্লাaugir“ an der Galerie um Campus organiséiert;
- De 5. Oktober hat d'Kommissioun fir Ëmwelt vun der Gemeng Schëtter, zesumme mat der Natur- a Vulleschutz Associatioun „Ieweschte Syrdall a.s.b.l.“ op eng Visitt vun der Schlammwiss invitéiert;
- D'Ekipp vum Cricket Club hat och de Weekend vum 5. bis 6. Oktober hire groussen Danzspektakel „Gujarati Samaj Luxembourg“ am Centre culturel an der Sportshal organiséiert;
- Sonndes, de 6. Oktober huet moies d'Inauguratioun vum Amenagement vun der Rue de Senningen stattfonnt;
- D'„Journée nationale de Commémoration“ war dëst Joer samschdes, den 12. Oktober.
Programm:
 - Um 16:30 Auer gouf et eng Inauguratioun vun den neie Panneae vum „Reichsarbeitsdienstlager“ zu Schraasseg;
 - Um 17:15 Auer gouf eng kleng historiesch Sëtzung mat den Häre Marc Trossen a Claude Vandivinit am Sall vum Gemengerot organiséiert;
 - Um 18:30 Auer gouf et eng Messe solennelle, wéi an de Jore virdrun, zu Éiere vun all den Affer, déi hiert Liewe fir d'Verdeedegung vun eiser Fräiheet ginn hunn;
 - Um 19:15 Auer huet de Buergermeeschter dann nach seng Ried gehalten.
- Den 12. Oktober hat och de leschte Schëtter Maart vun der Saison stattfonnt. Am Kader vun der Oktoberfest-Zäit hat d'Strëpp vun der Schëtter Musek op hiren „Früschoppen“ mat Blossmusek, Festbéier a Bretzelen invitéiert. E Vide-greniers war och dës Kéier rëm um Maart;
- De 16. Oktober hat d'Fitness-Coach Gwendy Stieffer-Majerus am Schëtter Treff Übung fir dohem presentéiert;
- Samschdes, den 19. Oktober hat déi grouss akademesch Sëtzung am Kader vun der 50 Joer Feier vum SIAS am Centre culturel sou wéi an der Sportshal stattfonnt;

- D'Associatioun „Fraen a Mammen“ vu Schëtter haten erëm d'Méiglechkeet ugebueden, Blummekompositiounen fir Allerhellegen ze bestellen.

Duerno informéiert de Buergermeeschter iwwer déi verschiden Evenementer, déi nach ustinn:

- Mëttes, de 24. Oktober, fënnt d'Generalversammlung vun der Elterevereenegung an der aler Schoul zu Minsbech statt;
- Samschdes, de 26. Oktober gëtt am Nomëtteg eng Halloween-Party fir d'Kanner am Centre culturel organiséiert. Dësen Event gëtt vun der Elterevereenegung organiséiert;
- De selwechten Dag owes wäert d'Kulturkommissioun e Concert mam Cors ensemble „CorsdeLuxe“ an der Kierch zu Schëtter organiséieren;
- Sonndes, de 27. Oktober fënnt eng allergieenfräi Halloween-Party vum „Luxembourg Allergy Network“ am Centre culturel statt;
- Nomëttes, den 29. Oktober gëtt d'Bastele vu Lanteren „Trauliicht brennen“ um pädagogesche Bauerenhaff „A-Schmatten“ organiséiert;
- Sonndes, den 3. November fënnt d'„Journée du troisième âge“ am Centre culturel statt, organiséiert an Zesummenaarbecht mat der Amiperas an der Familljekommissioun;
- Samschdes, den 9. November organiséieren d'Scouten „Castors“, d'Schëtter Jugendhaus an d'Kommissioun vun der Famill, dem drëtten Alter an de sozialen Ugeleeënheiten am Nomëtteg d'„Journée intergénérationnelle“ am Centre culturel. Jonk an Al kënnen sech treffen an a sech enger gemittlecher Atmosphär austauschen;
- De selwechten Dag ass och nees moies Schëtter Maart;
- Nomëttes, den 13. November ass d'Fitness-Coach Gwendy Stieffer-Majerus erëm am Schëtter Treff, fir Turnübungen ze weisen;
- Donneschdes, de 14. November organiséiert d'Associatioun „Tukwataniise asbl“ nomëttes e karitative Bridge-Tournoi am Centre culturel. D'Recettë ginn un d'Schoul Nyamirama Twimukye am Uganda gespent;
- Samschdes, de 16. November wäert d'Schëtter Harmonie erëm hiren traditionellen „Hämmelsmarsch“ zu Schraasseg spillen, an den 23. November dann an den aneren Uertschaften;
- Owes de selwechten Dag organiséiert den FC Minsbsch e Quizowend am Centre culturel;
- Freides, den 22. November invitéiert de Fotoclub vu Schëtter op säi Beaujolais-Owend mat Fotoausstellung an de Centre culturel;
- Sonndes, de 24. November fënnt vun 8 Auer un den „Faire Genoss um Kaffisdësch“ am Centre culturel statt. Dësen Event gëtt vum „Fairtrade Team“, der Kommissioun fir Ëmwelt, dem „Klimatteam“ an dem „Naturpakt Team“ organiséiert;
- Dënschdes, de 26. November fënnt d'Kleesche-Feier vun der Amiperas am Centre culturel statt.

All dës Evenementer kënnen och am Kalenner op der Gemeng Schëtter hirem Internetsite consultéiert ginn.

Doriwwer eraus gëtt den Här Buergermeeschter nach folgend Informatiounen:

- Am Joer 2021 hat de Gemengerot d'Entscheidung geholl, der internationaler Organisatioun „Mayors for Peace“ bäizetrieden, engem Netzwierk, dat aktuell 8.426 Stied a Gemengen zielt a fir d'nuklear Ofrüstung op weltwäitem Niveau kämpft. Leider schéngt d'Demande fir d'Registratioun net finaliséiert ginn ze sinn, fir offiziell zu Hiroshima a Japan unzekommen. Dofir wëll de Schäfferot elo déi lescht administrativ Schrëtt maachen, fir offiziell Member vun der Organisatioun ze ginn;



- Um Niveau vum Gemengepersonal ginn et e puer Ännerungen. Den Här Christian Engel wäert als neie Mécanicien age stellt ginn, an zwar ab dem 1. Dezember 2024. Den Här Daan Meylemans huet säi befristeten Aarbechtsvertrag iwver d'ADEM gekënnegt, well hien eng aner Aarbecht fonnt huet;
- Am Februar 2025 wäert de Schäfferot eng Informationsversammlung iwver d'Plattform vun erneierbarer Energie „E-Community“ a kollektive Léisunge fir Auto-consommation organiséieren. D'Sich no passende Partner ass amgaangen.

Duerno gëtt de Schäfte Serge EICHER Informatiounen iwver:

- déi lescht Comitéssëtzung vum SIDOR, an där zwee Devisen eestëmmeg ugeholl goufen, deen ee betrëfft d'Erneuerung vum Schaum vum Brandläschsystem an deen anere betrëfft d'Erneuerung vum Tapis vun der Entrée vum Site. Zousätzlech gouf de Kont vum Joer 2023 ouni Bemierkunge vum Inneministère approuvéiert. Doniewent huet de Schäfte EICHER och iwver déi nei Mindestfacturierungsgebühr informéiert, déi fir all Offallcharge, déi ënner 201 kg läit, agefouert ginn ass. Dës Mindestfacturierung gouf agefouert, fir den Trafick vun all ze kleng Charge anzedämmen. Weider gouf iwver de Verbrennungstarif fir d'Gemengen diskutéiert, dee bei 96 Euro pro Tonn läit an deen zënter 20 Joer net ugepasst gouf. Diskussiounen iwver eng Upassung ginn an de kommende Comitéssëtzunge weidergefouert. Schlussendlech huet de Schäfte EICHER matgedeelt, dass de revidéierte Budget 2024 an de Budget 2025 eestëmmeg ugeholl goufen.

Zum Schluss informéiert de Schäfte Andy KISER iwver:

- De Projet „Pausen Power“ vun der Schoul während der leschter Septemberwoch. Et ass e Projet fir d'Ernährung vu Kanner, organiséiert vun der Schoul an Zesummenaarbecht mat der Gemeng, der Firma Dussmann als Bedreier vun der Kichen an der Maison Relais, der Kommissioun fir d'Famill, dem drëtten Alter a sozialen Ugeleeënheeten, der Ligue médico-sociale an der Elterevereinengung. Zil vum Projet ass et, de Kanner e variéierte Buffet vu verschidde Snacke während de Pausen ze bidden, fir gesond a vitaminrëich Variatiounen kennenzelieren. D'Ligue médico-sociale hat och Ernärungsworkshops fir d'Klassen aus de Cyclen 2 bis 4 organiséiert. Zousätzlech kruten d'Eltere Rezepter per E-Mail geschéckt, fir se ze incitéieren, gesond Variatiounen an d'Zubereedung vun der Lunchbox fir d'Kanner ze bréngen;
- Déi lescht Comitéssëtzung vum SICEC, dem Syndicat intercommunal fir de Bau, d'Erhalen an d'Exploitatioun vum Krematorium, de 17. Oktober. De Schäfte informéiert, dass de revidéierte Budget 2024 an de Budget 2025 eestëmmeg approuvéiert goufen. D'Cotisatioun fir d'Membergemenge bleift onverännert bei 12 Cent pro Awunner pro Joer. Zousätzlech gëtt sech eng Erhéijung vun de Recetten erwaart, well d'Berechnunge vum Recensement sech elo op d'Joer 2021 baséieren an net méi op d'Joer 2011. Dono huet de Schäfte och informéiert, dass et Ännerunge bei de Verbrennungstariffer am Joer 2023 goufen, well déi leschten Upassung 16 Joer zrëck läit. Soumat ass de Verbrennungstarif vu 400 op 500 Euro fir d'Awunner aus Membergemengen a vu 600 op 750 Euro fir Ausländer an net Membergemengen eropgaangen. Dës Betrag ginn 2025 net geännert. D'Erweiterung vum Krematorium, dat heescht de Bau vun enger weiderer Zeremoniehalle, enger Salle d'attente a Lokaler fir d'Personal, ass gutt virukomm, an et ass geplangt, dass de Bauprojet Ufank 2025 wäert ofgeschloss ginn.

1.

Sozial- an interkulturell Ugeleeënheeten

1.1. Approbatioun vun enger Partnerschaftskonventioun am Kader vun der Strategie „Generatioun ouni Tubak“ ënnerschriwwen mat der Fondation Cancer Luxembourg

D'Strategie „Generatioun ouni Tubak“, entwéckelt vun der Fondation Cancer, viséiert eng tubakfräi Ëmwelt fir Kanner a Jonker ze schafen an den „Taux de Tabagisme“ bis 2040 op manner wéi 5% ze reduzéieren.

Well d'Gemeng Schëtter sech aktiv fir de Schutz vun de Jugendleche géint Passivfëmmen a fir d'Promotioun vun engem gesonde Liewensstil asetzt a fir e respektvollt Ëmfeld vun der öffentlecher Gesondheet ze garantéieren, gouf eng Partnerschaftskonventioun den 12. August 2024 tëscht dem Schäfferot an der Fondation Cancer ënnerschriwwen.

